MOIEN

Eng Bréck fir eis Sprooch

a.s.b.l.

2005 • 2018 — INFOBLAT No. 21 — DEZEMBER 2018

2017

De Schüler schreift sech iwwert en Online-Formulaire an de Cours an a bezilt gläichzäiteg iwwert de Site.

Jidderee gesäit direkt, wéi vill Plazen an deene verschiddene Coursen nach opstinn.

2018

De Schüler ka sech elo iwwert den Handy aschreiwen.

Den neien Update erlaabt och Vereinfachunge vun internen administrativen Aarbechten.

2019

Fir 2019 hu mir virgesinn, fir de Site op Englesch zougänglech ze maachen.

Neien Internetsite vu Moien asbl

moienasbl.lu

Duerch e Klick op déi verschidde Linken um Infoblat, kritt dir direkt Accès op déi nei Sitten

STATISTIKEN: SCHOULJOER 2017/2018:

COURSEN

- **56** Coursë vum Niveau A 1.1 bis B 2.2
- **2** Jores-Sessiounen
- **2** Conversatiounscoursen
- **2** Orthographiescoursen op 2 Niveauen
- Summer-Intensivcoursen

SCHÜLER

934 Schüler hunn deelgeholl
343 Männer
591 Fraen
60 verschidden Nationalitéiten.
705 Leit hunn e Certificat vum Ministère kritt, si hate méi wéi 70% Presencen.

Statistik vum Alter vun de Schüler (männlech/weiblech):

• 18 Joer:	**0**	**1**
• 18 - 29 Joer:	**28**	**79**
• 30 - 49 Joer:	**215**	**393**
• 50+:	**100**	**118**

MEMBERE VUM COMITÉ

FORMATEUREN, déi bei der Moien asbl enseignéieren

FORMATEUREN, déi als Member bei der Moien asbl ageschriwwe sinn an un de

Formatiounen a Visitten deelhuelen

21. FORMATEURSDAG de 17. Abrëll 2018

SCHWÄTZT DIR LËTZEBUERGESCH? BUCH A2

D'Madame Jackie Messerich, Co-Auteurin vum Léierwierk, huet eis erkläert, wéi ee mat dësem Buch optimal schaffe kann.

Wéi ass et opgebaut? Wat fanne mir zousätzlech zum Buch um Internetsite? Wéi kann een den Inhalt an de Stonnen, déi fir e Semester respektiv e Schouljoer virgesi sinn, vermëttelen?

D'Participanten haten d'Méiglechkeet hir Remarquë virzedroen. Wëllkomm waren och Ustéiss fir den Niveau B1, deen an der Maach ass.

Och, wann iech Feeler am A2 opgefall sinn, sief dat an der Schreifweis, an der Léisung vun engem Exercice, an der Uweisung, oder wann eng Übung wierklech net machbar ass, wier et léif, wann der dat kéint matdeelen, fir datt mer se fir eng nächst Editioun kéinte verbesseren.
Jackie

EPALE Electronic Platform for Adult Learning in Europe

Presentatioun vun der Madame Carla Welter vum M.E.N.

EPALE ass eng elektronesch Plattform fir d'Erwuessenebildung an Europa. Op dëser Plattform sinn de Moment iwwer 37.000 Professionneller vun der Erwuessenebildung aus ganz Europa enregistréiert.

EPALE gëtt zu Lëtzebuerg vum Service de la Formation des adultes am Ministère de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ëmgesat.

Carla Welter
European Programmes
Project Manager National Support

Structure EPALE:
https://ec.europa.eu/epale
E-mail: **carla.welter@men.lu**



EPALE Electronic Platform for Adult Learning in Europe

22. FORMATEURSDAG den 1. Dezember 2018

Léif Formateuren, léif Kolleginnen, léif Kollegen,

de Comité vun der Moien asbl war frou esou vill vun iech op eisem **22. Formateursdag e Samschdeg, den 1.12.2018** *begréissen ze kënnen.*

Accueil um SFA 15, rue Leon Hengen L-1745 Lëtzebuerg - Kierchbierg

Abléck an d'Tester LaF A2, B1, B2 mat der **Madame Ines Quaring**

EXAMEN ,,LËTZEBUERGESCH ALS FRIEMSPROOCH'' UM INL

INSTITUT NATIONAL DES LANGUES

Firwat en Exame maachen um INL?
Verschidden Niveauen
Präisser an Aschreifbedingungen
Informatiounen iwwert den Inhalt an den Oflaf
Wéi kann ech mech virbereeden
Heefeg Froen

Mir ware frou d'Madame Ines Quaring op eisem Formateursdag empfänken ze kënnen.

Dës Kéier huet si iwwer d'Tester ,,LËTZEBUERGESCH ALS FRIEMSPROOCH'', déi um INL ofgehale ginn, geschwat.

Firwat en Exame maachen? :
Noweis fir d'Aarbecht,
op d'Demande vum Patron,
eenzeg offiziell Zertifikatioun fir d'Lëtzebuerger Sprooch,
international Unerkennung.

SPROOCHENTEST LËTZEBUERGESCH

L'INL est l'organisateur officiel du

« Sproochentest Lëtzebuergesch »,

examen d'évaluation de la langue luxembourgeoise parlée pour l'obtention de la nationalité luxembourgeoise.

VIRSTELLUNG VUM ,,KONTERBONT‘‘

Mat grousser Freed si mir der Invitatioun vun der Moien asbl nokomm fir de KONTERBONT ze presentéieren.

De KONTERBONT ass deen éischte komplett digitalen (Sprooche-) Magasinn iwwer Lëtzebuerg, ganz op Lëtzebuergesch.

An 11 Rubricke fannt Dir spannend an informativ Artikelen iwwer d’Lëtzebuerger Land, seng Leit a seng Kultur, faarweg a konterbont.

Iwwer dem Liese beräichert Dir mam KONTERBONT Äre Vocabulaire. An all Artikel sinn eng Rëtsch vu Wierder faarweg markéiert an erméiglechen dem Lieser zu dëse Wierder d‘Iwwersetzungen op franséisch, däitsch, englesch a portugisesch gewisen ze kréien. Och d‘Lauschtere vun de Wieder, fir déi korrekt Ausprooch ze léieren, ass méiglech.

De KONTERBONT ass eng Zesummenaarbecht vun Autisme Luxembourg asbl an dem Lëtzebuerger Online Dictionnaire an entsteet komplett an den Ateliere vun Autisme Luxembourg zu Biekerech.

D‘Autisme Luxembourg asbl gouf am Joer 1981 gegrënnt an ënnerstëtzt d‘Leit mat Autismus a folgende Beräicher: Wunnen a betreit Wunnen, Fräizäit, Consultatioun, Dagesbetreiung, Fleeg a Gesondheet, Hëllef Doheem, Schoulung an Aarbecht. Den Haaptsëtz ass zu Biekerech.

D’Associatioun huet sech d’Zil gesat Leit mat Autismus an hir Famillen an alle Liewensberäicher ze ënnerstëtzen an dëst - wa méiglech - jidderzäit. Si geréiert am Ganzen 11 Servicer, déi ënnerschiddlech Aktivitéiten ubidden an dëst ob sechs verschiddene Plazen am Land: Biekerech, Boxer, Esch-Uelzecht, Lëtzebuerg, Sandweiler a Weiler zum Tuer.

De KONTERBONT bitt 12 Leit mat Autismus eng, fir hien adaptéiert, Aarbechtsplaz.

Méi iwwer eis Associatioun fannt Dir op eiser Internetsäit.

Dir fannt Autisme Luxembourg asbl an de KONTERBONT och op Facebook.

„Liked“ eis Säit fir an Zukunft näischt méi ze verpassen!

Dir wëllt e Bléck an de KONTERBONT geheien?

Da kroopt Iech schnell dës Gratis-App am Apple App Store oder am Google Play Store fir Ären Tablet oder Äre Smartphone.

1. Visite guidée
„AM GIELE BOTTER"
DEN 30. JUNI 2018

Rendez-vous um „Parking écologique" Fonds de gras.

Eise Guide, den Här Eugène Conrad huet eis begleet an huet interessant Erklärunge ginn iwwert d'Fauna an d'Flora, déi sech an deem fréieren Dagesbaugebitt entwéckelt.

En Entdeckungspad féiert duerch e fréieren Dages-Biergbau. Zu där Zäit vum Biergbau war dat heitegt Naturschutzgebitt ouni Vegetatioun, nëmmen déi ervirstiechend rout Faarf vum Minette-Buedem war ze gesinn. Nodeem den Ofbau opgehalen huet, hu sech nei Liewensraim entwéckelt. Haut ass d'Géigend duerch déi gréng Faarf an d'Varietéit vu verschiddene Phase vun der Entwécklung a Biotope markéiert.

2. Visite guidée
„AM Kulturhuef"
DE 24. NOVEMBER 2018

<u>Gutenberg revisited a Spillkaartemusée</u>

E Samschdeg, de 24. November hat ech d'Freed an d'Éier, der Moien asbl, eng Visite am Kulturhuef zu Gréiwemaacher ze maachen.

Hei sinn 2 Muséeën ënner engem Daach zesummen: Kaartespill an Dréckerei.

Jiddereen huet scho Kaart gespillt, awer wéineg Leit si sech bewosst, wat sech alles hannert de Kaarte verstoppt.

Et war u mir deem sympathesche Grupp onbekannt an interessant Detailer méi nozebréngen.

D'Dréckerei mat deenen ale Maschinnen huet mir d'Geleeënheet ginn, d'Aarbecht vun Drécker a Setzer ze erklären: eng schwéier, knaschteg an ongesond Aarbecht.

Net fir näischt ass den Drock, „Die schwarze Kunst" genannt ginn. De Kulturhuef, als fréiert Schluechthaus, huet sech gutt gëeegent fir dem Publikum de Kaartefabrikant Jean Dieudonné vu 1752 bis 1885 virzestellen.

Dréck- a Setzmaschinne bleiwen zu Gréiwemaacher erhalen, fir deene kommende Generatiounen ze weisen, wéi fréier geschafft gouf, ouni Computer.

Jeanne Thibo Deboule

WALFERBICHERDEEG

Lëtzebuergescht RTL Diktat 2018 den 18. 11.2018

Wa méi wéi dräi e-en openeentreffen, kann an Zesummesetzunge mat eegestännege Wierder e Bindestréch gesat ginn, fir datt et besser ze liesen ass. Mir schreiwen also: E *Stree-Eemer* oder e *Streeeemer*.

Vill Leit maache kaum en Ënnerscheed tëscht der Aussprooch vu *mécht* a vu *Mëscht*.

Wann den *i* oder den *u* virum *r* laang geschwat ass, da kënnt en e derbäi an deen *ie* oder *ue* gëtt als Diphthong geschwat.

Bei uneneegeschriwwene Wierder gëtt d'Schreifweis vun den eenzelne Wierder respektéiert, och wann e Fouen-*s* dertëschtkënnt, wéi bei *Schofspelz*.

E Konsonant kann och dräimol/dräi Mol hannereneegeschriwwe ginn, denkt nëmmen un eng **Sauerstoffläsch**.

Et dierf een de Verbindungs-**s** net verwiessele mat engem **s**, deen Deel vum Wuert ass. Ech hätt gär, **datt s** de kënns. Ech hätt gär, **dass** de kënns.

Steet en Apostroph un éischter Plaz an engem Saz, gëllt den Apostroph als dat éischt Zeechen. Do hannendru gëtt klenggeschriwwen: **'t ass** dach net komplizéiert.

Ginn d´Substantiven awer méi laang an oniwwersiichtlech oder sinn Akronymmen dran, schreift ee mat Bindestréch.

No dësem Diktat hunn déi eng e **Burn-out-Syndrom**, bei deenen aneren ass de **pH-Wäert** geféierlech an d'Luucht gaangen.

Jemp Schuster

Wéi all Joer waren och Membere vun der Moien asbl hei vertrueden.



LËTZEBUERGESCHCOURSEN

PROGRAMM: 2. SESSIOUN JANUAR – MEE 2019

Code	Niveau CECR	2019	Horaire	Jour	Durée	Lieu
LA-LB-146-18-19	A1.1	22.01 – 30.04	18:30 – 20:30	ma-je	46h	Gasperich
LA-LB-130-18-19	A1.2	21.01 – 06.05	09:00 – 11:00	lu-me	46h	Dippach
LA-LB-132-18-19	A1.2	21.01 – 06.05	18:30 – 20:30	lu-me	46h	Mondercange
LA-LB-133-18-19	A1.2	21.01 – 06.05	18:30 – 20:30	lu-me	46h	Athénée
LA-LB-134-18-19	A1.2	21.01 – 06.05	18:30 – 20:30	lu-me	46h	Athénée
LA-LB-140-18-19	A1.2	22.01 – 30.04	18:30 – 20:30	ma-je	46h	ECG
LA-LB-594-18-19	A2.1	21.01 – 06.05	09:00 – 11:00	lu-me	46h	Bergem/ Mondercange
LA-LB-131-18-19	A2.1	21.01 – 06.05	09:00 – 11:00	lu-me	46h	Strassen
LA-LB-135-18-19	A2.1	22.01 – 30.04	18:30 – 20:30	ma-je	46h	Athénée
LA-LB-136-18-19	A2.1	22.01 – 30.04	18:30 – 20:30	ma-je	46h	Athénée
LA-LB-137-18-19	A2.2	22.01 – 30.04	09:00 – 11:00	ma-je	46h	Dippach
LA-LB-138-18-19	A2.2	21.01 – 06.05	18:30 – 20:30	lu-me	46h	ECG
LA-LB-139-18-19	B1.1	21.01 – 06.05	09:00 – 11:00	lu-me	46h	Strassen
LA-LB-141-18-19	B1.1	21.01 – 06.05	18:30 – 20:30	lu-me	46h	Athénée
LA-LB-142-18-19	B1.2	22.01 – 30.04	09:00 – 11:00	ma-je	46h	Strassen
LA-LB-144-18-19	B2.1	22.01 – 30.04	09:00 – 11:00	ma-je	46h	Strassen
LA-LB-147-18-19	B2.2	21.01 – 06.05	18:30 – 20:30	lu-me	46h	ECG
NATIONALITÉITSCOURSEN						
LA-LB-164-18-19	A1.1	11.01. - 05.04.	17:30 – 20:30	ve	34h	Athénée
LA-LB-166-18-19	A1.1	08.05. - 05.06.	18:30 – 20:30	lu-me-ve	34h	Athénée
CONVERSATIOUNSCOURS						
LA-LB-125-18-19	B2	21.09 – 10.5	09:00 – 11:30	ve	50h	Strassen
ORTHOGRAPHIESCOURS						
Mir waarden of, bis dat neit Reegelwierk vum CPLL publizéiert gëtt, dofir huet eise Comité decidéiert fir am Schouljoer 2018-2019 keen Orthographiescours ze halen.						

Inscription et paiement sur le site : www.moienasbl.lu

LËTZEBUERGESCHCOURSEN

COURS INTENSIFS D'ÉTÉ du 24 juin au 12 juillet 2019

Session de 45 heures, 15 séances de 3 heures par jour du lundi au vendredi soit le matin de 9h00 à 12h00, soit le soir de 18h15 à 21h15

Tarif 135€ pour le cours intensif de 45 heures
Tarif réduit 10€ avec l'accord du Ministère

Code	Niveau CECR	Horaire	Lieu
LA-LB-148-18-19	A1.1	09:00 - 12:00	Bergem/Mondercange
LA-LB-149-18-19	A1.1	09:00 - 12:00	Dippach
LA-LB-150-18-19	A1.1	18:15 - 21:15	Athénée/Merl
LA-LB-151-18-19	A1.1	18:15 - 21.15	Athénée/Merl
LA-LB-152-18-19	A1.2	09:00 - 12:00	ECG/Merl
LA-LB-153-18-19	A1.2	18:15 - 21:15	Gasperich
LA-LB-154-18-19	A2.1	09:00 - 12:00	Strassen
LA-LB-155-18-19	A2.1	18:15 - 21:15	Athénée/Merl
LA-LB-156-18-19	A2.2	09:00 - 12:00	ECG/Merl
LA-LB-157-18-19	A2.2	18:15 - 21:15	ECG/Merl
LA-LB-158-18-19	B1.1	09:00 - 12:00	ECG/Merl
LA-LB-159-18-19	B1.1	18:15 - 21:15	ECG/Merl
LA-LB-160-18-19	B1.2	09:00 - 12:00	Strassen
LA-LB-161-18-19	B1.2	18:15 - 21:15	ECG/Merl

Inscription et paiement sur le site : www.moienasbl.lu

MOIEN
Eng Bréck fir eis Sprooch a.s.b.l.

Avec le soutien et la participation financière

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse
Service de la formation des adultes

Här Barthelemy,

Am Numm vum Comité vun der Moien-Eng Bréck fir eis Sprooch asbl felicitéieren ech Iech als Coordinateur fir dat neit completéiert Reegelwierk an als éischte Kommissär a Coordinateur vun der Lëtzebuerger Sprooch.

Denise Heiderscheid
Presidentin vum Conseil d'administration

CONSEIL PERMANENT DE LA LANGUE LUXEMBOURGEOISE
CONSEIL FIR D'LËTZEBUERGER SPROOCH

Vu lénks : Guy Arendt, Staatssekretär fir Kultur ; Helmuth Sperl ; Marc Barthelemy ; Alain Atten ; Peter Gilles ; Claude Kremer ; Carole Goedert, Sekretärin vum CPLL ; Angèle Gaasch ; Nora Si Abderrahmane ; Pierre Reding ; Myriam Welschbillig; Claude Meisch, Educatiounsminister. Et feelen : Claude Bache, Lex Roth

E completéiert Reegelwierk vun der Schreifweis vun der Lëtzebuerger Sprooch

D'Reegelen iwwert d'Orthographie vun der Lëtzebuerger Sprooch vun haut baséieren op zwee offiziellen Texter:

- Arrêté ministériel du 10 octobre 1975 portant réforme du système officiel d'orthographe luxembourgeoise
- Règlement grand-ducal du 30 juillet 1999 portant réforme du système officiel d'orthographe luxembourgeoise

Nodeems verschidde Virschléi, fir dorausser een Text ze maachen, keng allgemeng Zoustëmmung fonnt haten, huet den Educatiounsminister 2016 den Optrag un en Expert ginn, fir am Kader vum SCRIPT (Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques) en Texte coordonné vun deenen zwee offiziellen Texter auszeschaffen an eventuell Inkohärenzen a Widderspréch ze identifizéieren. Deen Texte coordonné ass am Fréijoer 2017 dem CPLL virgeluecht ginn.

Parallel dozou huet en Aarbechtsgrupp, deen op Initiativ vum Lëtzebuerger Online Dictionnaire (LOD) entstane war, zu enger Partie Kapitele Proposen ausgeschafft, fir Lächer am Reegelwierk ze stoppen. Déi Propose sinn dem CPLL virgeluecht ginn, déi lescht am Summer 2017. Si hunn e Wee gewisen, wéi een déi Fäll kéint reegelen, déi net an den ernimmten zwee offiziellen Texter decidéiert gi sinn. D'Themeberäicher waren déi heiten:

- De stommen h
- De laangen e
- De stommen e
- Affixen, Diminutiven, Zesummesetzungen
- <g>, <j>, <ch>, <sch>: D'Verschréftlechung vun de Frikativlauter
- Getrennt- an Zesummeschreiwung
- Grouss- a Klengschreiwung
- Friemwierder

De CPLL huet aus dem Texte coordonné an de Proposen iwwert déi aacht Themeberäicher eng Synthees gemaach an déi Synthees u véier Experte fir hiren Avis ginn. Dorausser ass deen Text hei hannendrun entstanen.

Den Usproch ass, e kohärent Reegelwierk ze schafen, mat deem vill méi orthographesch Fäll wéi bis elo gekläert sinn. Ganz nei sinn d'Kapitele mat de Reegelen iwwer d'Getrennt- an Zesummeschreiwung, iwwer d'Grouss- a Klengschreiwung an iwwer d'Interpunktioun am Lëtzebuergeschen. Déi aner Kapitele

sinn zum Deel gehéiereg completéiert ginn; dobäi sinn d'Reegele vun den zwee offiziellen Texter iwwerholl an, mat der eenzeger Ausnam vun der i-oder-u-virum-r-Reegel, net geännert ginn.

A ville Beräicher, virun allem der Abiergerung vu Wierder aus anere Sproochen an eng lëtzebuergesch Schreifweis, ass d'Lëtzebuerger Sprooch a permanenter Entwécklung. An deem heiten Text gëtt dorobber verzicht, Lëschten unzegi vu Wierder mat hirer aktueller Schreifweis; et gëtt dofir op den offizielle Lëtzebuerger Dictionnaire (LD) verwisen, deem seng ablécklech Form de Lëtzebuerger Online Dictionnaire ass.

Den Text ass mat ganz wéinege Fachbegréffer geschriwwen, esou datt de Laien e versteet. An der Annex hannendrun ass d'Aussprooch vun de Buschtawen am Lëtzebuergesche mat phoneeteschen Zeechen explizéiert.

D'Dokument kann erofgeluede ginn:
D'Schreifweis-vun-der-Lëtzebuerger-Sprooch-1

Dëse Pabeier ass eng Propos. Jiddwereen ass opgeruff, säin Avis doriwwer un den CPLL ze riichten, per E-Mail un d'Adress cpll@cpll.lu, bis de 15. Januar 2019.

Déi Avise ginn da gekuckt an doraus entsteet an Zesummenaarbecht mam Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch déi definitiv Versioun

Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch

Communiqué vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend 12.10.2018

Iwwerbléck

1. En 20-Joresplang fir eng Sproochen- a Kulturpolitik ronderëm d'Lëtzebuergescht
2. E Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch
3. En „Zentrum fir d'Lëtzebuergescht"
4. Verankerung vun der Lëtzebuerger Sprooch an der Verfassung
5. Lëtzebuerger Sprooch op EU-Niveau

I. De Stellewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch stäerken

6. Dokumentatioun vun der Sproochegeschicht
7. Iwwersetze vu staatlechen Internetsitten op Lëtzebuergesch

II. D'Norméierung, de Gebrauch an d'Etude vun der Lëtzebuerger Sprooch virundreiwen

8. LOD-Webportal
9. Norméierung vun Orthographie a Grammaire
10. Helpline fir Froe ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch
11. Online-Portal vun de Fërdermoossname fir d'Lëtzebuerger Sprooch
12. Ëffentlechkeetsaarbecht vun der Fuerschung
13. Kooperatioun mat Universitéiten am Ausland
14. Etude zu Jugendsprooch a Jugendkommunikatioun

III. D'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur fërderen

15. Lëtzebuergesch an de Betreiungsstrukturen
16. Lëtzebuergesch am Cycle 1
17. Lëtzebuergesch als Friemsprooch (LaF)
18. Méisproocheg Léiermaterialien
19. Obligatoresch Lëtzebuergeschcoursen an den internationale Grondschoulen
20. Literaturconcours fir d'Kannerliteratur
21. Ergänzungsmaterial am Beräich vum LaF
22. Fërderung vun de Lieskompetenzen
23. Optiounscours „Orthographie"
24. Optiounscours „Lëtzebuergesch Kultur a Literatur"
25. Optiounscours „Kreatiivt Schreiwen am Lëtzebuergeschen"
26. Obligatoresch Lëtzebuergeschcoursen an den internationale Secondaire-Schoulen
27. Erweiderung vun der Offer u Lëtzebuergeschcoursen (LaF an Orthographie) an der Erwuessenebildung

28. Nei Offer u Sproochcoursen (LaF) fir Persoune mat DPI- a BPI-Statut
29. Congé linguistique
30. Sproochekenntnisser am sozialen, therapeuteschen a Familljesecteur
31. Sproochekenntnisser am Gesondheetssecteur
32. Contrat d'accueil et d'intégration
33. Lëtzebuerger Integratiouns- a Sozialkohäsiounszenter (LISKO)
34. Eeler Leit
35. Université de la Grande Région (UniGR)
36. Ëffentlechkeetscampagne fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Orthographie

IV. D'lëtzebuergesch-sproocheg Kultur promouvéieren

37. Kulturell Projeten a Lëtzebuerger Sprooch
38. En nationalen Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur
39. En nationale Präis fir d'Verdéngschter ronderëm d'Lëtzebuerger Sprooch
40. Roll vun de kulturellen Instituter an der Opwäertung vum Lëtzebuergeschen als kulturelle Patrimoine

Regierungsrot

Marc Barthelemy Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch

Déi nei Funktioun ass mam Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwer d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch kreéiert ginn.

Vun RTL
De Kommissär kann op der E-Mail-Adress
commissaire@letzebuerger-sprooch.lu kontaktéiert ginn.

Offizielle Communiqué (12.10.2018)

Marc Barthelemy Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch
Communiqué par: Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Op Propositioun vum Regierungsrot ass de Marc Barthelemy Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch genannt ginn. Während 18 Joer huet de Marc Barthelemy am Educatiounsministère geschafft, als Premier conseiller an als Professeur-attaché.

De Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch ass eng nei Fonctioun, déi mam Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwer d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch geschaf gouf. Mat dësem Gesetz ass nach emol ënnerstrach ginn, datt d'Regierung sech engagéiert, fir d'Roll vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft ze stäerken an d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch a Kultur nohalteg ze sécheren.

Konkret ass de Kommissär zoustänneg fir d'Ausschaffen an d'Ëmsetze vun engen 20 Joresplang ronderëm d'Lëtzebuergescht. Hie gëtt dobäi vun engem interministerielle Comité begleet. De Kommissär suergt och fir eng national Plattform, op där all Formatiounen, Coursë fir Lëtzebuergesch a soss wichteg Informatiounen zesummegedroen an aktualiséiert ginn. Hie kuckt, datt d'Offer u Coursen, fir Lëtzebuergesch ze léieren, duergeet, zu Lëtzebuerg an am Ausland, an datt adäquat didaktescht Material disponibel ass. De Kommissär mécht och de Suivi vun de Kloen iwwert de Gebrauch oder Net-Gebrauch vum Lëtzebuergeschen an den ëffentleche Servicer.

RETROSPEKTIV 2017-2018

- Jorescours 1. Sessioun vu September bis Dezember 2017/2018
- 2 Conversatiounscoursen 2017/2018
- Jorescours 2. Sessioun vu Januar bis Enn Abrëll 2018
- Orthographiescours fir Ufänger am Januar, Februar a Mäerz 2018
- Orthographiescours fir Avancéen am Mee 2018
- Summer-Intensivcoursë vum 25. Juni bis de 13. Juli 2018
- Generalversammlung, de 16. Mäerz 2018
- 5 Comitéssëtzungen:
  16.03.18
  08.06.18
  20.07.18
  14.09.18
  09.11.18
- Festival des migrations, des cultures et de la citoyenneté, den 2., 3., 4. Mäerz 2018
- Journée pédagogique vum Service de la Formation des adultes de 04.05.2018
- Commission européenne: Manette a Monique
- « Foire interinstitutionnelle pour les nouveaux (INF) » den 07.06.2018
- 1. Formateursdag, de 17. Abrëll 2018 „Buch A2" an „Epale"
- 2. Formateursdag, den 1. Dezember 2018 Tester „Lëtzebuergesch als Friemsprooch" fir d' lëtzebuergesch Nationalitéit ze kréien a „Konterbont"
- 1. Visite guidée „Am Giele Botter" den 30. Juni 2018
- 2. Visite guidée „Visite Kulturhuef" zu Gréiwemaacher de 24. November 2018

MERCI

- Den 934 Apprenante vum Schouljoer 2017-2018
- Der «Formation des adultes» vum Ministère de l'Education nationale
- All deenen, déi der Moien asbl Klassesäll zur Verfügung stellen
- Dem Här Michel Weimerskirch vun der Lightbulb Web Agency
- Der Autisme Luxembourg asbl fir de Layout
- De Memberen, déi d'Moien asbl ënnerstëtzen
- Den agreéierte Formateuren, déi eng gutt Aarbecht leeschten an derzou bäidroen, datt d'Moien asbl mam Label de qualité vum SFA ausgezeechent ass
- Deene Leit, déi sech benevole ëm d'Aschreiwungen an der Gestion informatique vum Ministère bekëmmeren an deenen, déi benevole fir d'Tresorerie, de Sekretariat an d'Gestioun zoustänneg sinn
- A schlussendlech de Comitésmemberen, déi fir e gutt Fonctionnement vun der Asbl suergen

Denise Heiderscheid
Presidentin vum Conseil d'administration

MOIEN
Eng Bréck fir eis Sprooch
a.s.b.l.

DE COMITÉ WËNSCHT IECH AN ÄRER FAMILL
E SCHÉINT A GLÉCKLECHT NEIT JOER 2019